1-2018-O-M-5410-01 (n°2957)

Lëtzebuerg, de 16ten Mee 2019

Dépôt: Marc Goergen

Débat d'orientation sur la stratégie « zéro déchets »

Sensibilité politique PIRATEN

6

# Motioun

**D'Députéiertechamber**

*Virum Hannergrond*, dass de Begrëff "Zero-Waste" am Kommerz als publizitärt Mëttel agesat gëtt, fir de Produkter marketingtechnesch eng Plus-Value ze verschaffen;

*Am Wëssen*, dass de Begrëff "Zero-Waste" un a fir sech net u gesetzlech Kritäre gebonnen ass an esou enger breeder Notzung vun Definitiounen ausgesat ass;

*Bedauert*, dass d'Feele vun engem kloren, gesetzlech festgeluechte Kritärekatalog fir den Term "Zero Waste" eng Villzuel un Uwennungsméiglechkeeten am Marketing zouléisst, woubäi de Konsument net op d'Wouerhaftegkeet vum Begrëff setze kann;

*Bedauert iwwerdeems*, dass de Begrëff "Zero-Waste" keng Aussokraaft iwwert d'Notzung vu Ressourcen huet;

*Iwwerzeegt dovunner*, dass den Ëmgang vun eisen natierleche Ressource muss verbessert ginn;

*Gläichzäiteg iwwerzeegt dovunner*, dass d'Kennzeechnung vu Produiten, duerch klorer Begrëffer d'Transparenz vis-à-vis vum Konsument erhéische soll;

*Erënnert* un d'EU-Veruerdnung 834/2007 iwwert d'Produktioun an d'Kennzeechnung vun ekologeschen a biologesche Produiten;

**Rifft d'Regierung op**

ee Kritärekatalog fir de Phänomen"Zero-Waste" opzestellen an d'Konditioune fir d'Kennzeechnung vu Produkter mam Begrëff "Zero-Waste" gesetzlech ze encadréieren.

Marc Goergen

Deputéierten